

## "De Wollef kënt heem" vum Raoul Biltgen



De Kaleidoskop-Theater stellt daat neit Theaterstéck vum Raoul Biltgen "De Wollef kënt heem" vir.

Et ass ee klenge Duerf, iergendazwou zu Lëtzebuerg, dat de Raoul Biltgen (ee vun deenen interessante Lëtzebuerger Schrëftsteller, deen an Eisterräich, wou hie leeft schonn en etlech Kéierenop sech opmierksam gemaach huet) fir séng Kriminalgeschicht gewielt huet.

Ni huet sech eppes verännert vun un, datt sech d'Marieanne, den Honoré, de Claude an d'Jeanne erënnere kënnen. Mee da kënt dee Kärel an d'Duerf. Hie stéiert d'Rou. Datt hien eng wëlles huet, dovun gi si aus. Wat geschitt wann al Wonnen nees opbriechen? Wat wëll hie vun hinnen? Ass hie vläicht erëm komm fir eng Revanche ze huelen? Aus all deem Mësstrauen erwächt hien op eng Kéier eng Hoffnung. Geschwënn gëtt hien als den Emil Wolf erkannt, ë Jong aus dem Duerf, dee viru laanger Zäit aus net ganz gekläerte familiäre Grënn fortgaangen ass, an d'Ausland, wou hien, wéi et schéint, vill Geld gemaach huet...

### Zwee fréier Theaterdirekteren op der Bühn

D'Distributioun ass eng extravagant mat deenen zwee fréieren Theaterdirekteren Philippe Noesen a Marc Olinger, déi mat deem aktuellen künstleresch Leeder vum „Kaleidoskop“ Jean-Paul Maes an deene männlechen Haaptrollen ze gesi sinn, dem Mady Durrer an där enger an deemjonke Larisa Faber, där anerer weiblicher Haaptroll, wéi dem Nowuesschauspiller Max Gindorff an engerweiderer Roll. D'Mise-en-Scène ass vum Eva Paulin

- **Gespillt gëtt den 7. , 9., 10., 13.-14., 21. an 22. Mee um 20 Auert, an den 25. Mee um 17.30 Auer am Betebuerger Schlass. 21.5. (20.00) – 22.5.(20.00) - 23.5. (20.00) - 25.5. (17.30) Virverkauf : Billeterie Nationale um Tel. 47 08 95 1 an op [www.luxembourg-ticket.lu](http://www.luxembourg-ticket.lu)**